AMICALE VUM ESCHER KOLLÉISCH a.s.b.l.
B.P. 395 L-4004 Esch-sur-Alzette
mailto: avek@avek.lu www.avek.lu
www.facebook.com/aveklu.lu

RCS Luxembourg : F4668

D'Amicale vum Escher Kolléisch invitéiert Iech häerzlech op hir siwent Aktivitéit am Joer 2024, **en Dënschden de 24. September um 19:30 Auer am CDI (Bibliothéik) vum Escher Jongelycée**.

# Konferenz vum Alex Bodry

Member vum Staatsrot

**mam Thema:**

## "Neit Gesetz vum 7. August 2023 fir "a.s.b.l.-en" a Fondatiounen zu Lëtzebuerg"

Den Alex Bodry war Schüler am LGE an ass scho laang Jore Member vun der AVEK. A senger Konferenz presentéiert eis den Alex Bodry déi nei Dispositiounen fir "a.s.b.l.-en" a Fondatiounen an d'Upassunge vun hire Statuten. Dat neit Gesetz ass den 23. September 2023 a Kraaft getrueden an "a.s.b.l.-en" a Fondatiounen hunn eng Iwwergangszäit vu 24 Méint fir dës Upassungen ze maachen.

Aus organisatoresche Grënn biede mir Iech, Iech unzemellen wgl. an deelt eis mat zu wéivill der kommt:

- per Mail op avek@avek.lu oder
- um Handy 691 88 55 11 vum Ermin Sonnetti.

De Parking an d'Garage vum LGE um Gruef („*rue du Fossé*") sinn accessibel.

Zur Informatioun, maacht Iech bei Interessi e "Save the Date" fir eisen Turin-Tour vum 5. bis den 12. Abrëll 2025.

De Kommitee erënnert Iech un säin „**Fonds Social de l'Amicale vum Escher Kolléisch**", mat deem mir all sozial Ausgabe finanzéieren. De Kommitee seet Iech Merci fir Är generéis Donen, déi Dir op de follgende Konto *Fonds Social de l'Amicale vum Escher Kolléisch* iwwerweise kënnt:

**BGL BNP Paribas, Konto BGLL IBAN LU19 0031 0845 2094 0000**